The wiki is under reorganization; please give us some time to finish restructure. This may take some days.

# News

## #SaveYourInternet




**Article 13 is bad for the Internet as a whole**: Over 70 Internet pioneers and experts have rallied behind Sir Tim Berners-Lee to address an open letter, on 12 June 2018, to the European Parliament wherein they urge MEPs to vote for the deletion of Article 13 for the sake of the Internet's future, as it "would mandate Internet platforms to embed an automated infrastructure for monitoring and censorship deep into their networks".

**Article 13 is bad for EU citizens' fundamental rights**: Over 50 NGOs representing human rights and media freedom addressed an open letter, on 16 October 2017, to the European Parliament asking MEPs to delete Article 13, as it "would violate the freedom of expression set out in (…) the Charter of Fundamental Rights" and "provoke such legal uncertainty that online services will have no other option than to monitor, filter and block EU citizens' communications".

**Article 13 threatens legal certainty in the EU**: Academics from 25 leading Intellectual Property research centres in Europe have published Statement of 29 June 2018 entitled 'The copyright Directive: Misinformation and Independent Enquiry'. This follows an open letter of 26 April 2018, pointing out that there is scientific consensus on the fact that Article 13 "threaten[s] the user participation benefits of the e-Commerce Directive (2000/31/EC)".

**Article 13 will be bad for the European economy**: European innovative media publishers have

expressed their concerns around Article 13, who consider that “these rules are bad news for publishers who rely on an open and competitive internet to source, create and disseminate stories to their readers”. Allied for Startups, an organisation representing start-ups in Europe, explains that “the suggested filtering technology will raise the cost of launching a startup in Europe and drive talent away”.

The Parliament must promote **a balanced and evidence-based approach** to copyright enforcement and not fall into the trap of so-called ‘easy fixes’ to the detriment of our fundamental rights.

2018/08/31 16:21 · virii
news

# #Chamberleaks - Chamber verseet bei der Sécherung vun hiren eegenen Donnée

De 07ten Mäerz huet den 100komma7 dorop opmierksam gemaach, dass den Internetsite vun der Chamber een Sécherheetslach hätt. Duercht einfach editéiere vun de Weblinken, konnt een esou ob Dokumenter zougräifen, déi net fir d'Ëffentlechkeet geduecht waren. De **C**haos **C**omputer **C**lub **L**ëtzebuerg ass entsat iwwert d‘Einfachheet, wéi een un déi Donnée konnt kommen an och doriwwer, wéi d‘Chamber mat dësem Fait ëmgeet.

*„Einfacht editéiere vu Weblinken ass keen Hackerugrëff. All Persoun, déi um Computer kann tippen, war dozou fäeg, un déi Donnée ze kommen!“* betount den Dennis Fink, Spriecher vum **C**haos **C**omputer **C**lub **L**ëtzebuerg. Dëst erënnert un den „Tango-Hack“ vun 2010, wou een och einfach duerch d‘ännere vu Weblinks un Donnéeë vun Tango-Clientë konnt kommen.

Den Haaptproblem läit net doranner, dass et dat Sécherheetslach iwwerhaapt gëtt. De Problem läit doranner, dass déi Donnée iwwerhaapt ob engem ëffentleche Server léien. D‘Chamber muss hier Sécherheetsmesuren iwwerpréiwen a ganz kloer Richtlinnen opstellen, wat fir eng Dokumenter dierfen um ëffentleche Server leien. Déi Donnée déi net fir de Public geduecht sinn, mussen ob een eegene Server kommen, deen nëmmen iwwert dat intern Netz vun der Chamber ze erreechen ass.

## „Don't shoot the messenger!“

Den 12ten Mäerz huet d‘Chamber de Parquet iwwert dëse Fall opgekläert a matgedeelt, dass sech d‘Fro vun der Strofdot stellt. *„Chamber benotzt hier al Method vu „Shoot the messenger“. Dëst weist nees, dass mir ee Whistleblower-Schutzgesetz brauchen. Et kann net sinn, dass Léit musse fäerten ee juristesche Prozess gemaach ze kréien, nëmme well se ob Feeler opmierksam maachen!“* erkläert den Dennis Fink.

De **C**haos **C**omputer **C**lub **L**ëtzebuerg ass der Meenung, dass d‘Chamber muss hier Feeler agestoen a kucken, dass si dorausser léieren. Et bréngt näischt elo Léit ze verkloen, déi nëmmen ob de Feeler opmierksam gemaach hunn. Wann d‘Chamber elo een Exempel wëll statuéieren, féiert dat nëmmen dozou, dass Léit net méi de Courage hunn, Feeler der Chamber matzedeelen. Och ee Whistleblower-Schutzgesetz ass wichteg, fir dass esou Matbierger geschützt ginn an net musse mat Angscht liewen.

Communique als PDF

2018/03/15 09:16 · metalgamer
news

# Filter funktionéieren net




Fir d'éischt: Filter si ganz schlecht beim erkenne vun Inhalter. Et ginn e ganze Koup Beispiller dofir:

- De Schoulmeeschter säi Léiermaterial dat blockéiert gouf
- D'Biller vun der Marslandung, déi ongewollt op enger Sperrlëscht gelant sinn
- Zéngdausend vu Videoen, déi Krichsverbriechen a Syrien dokumentéieren an déi vu YouTubes Filter geläscht goufen.

Automatesch Filter, filteren ze wéineg (loosse Saachen duerch, di sollte geblockt ginn) an awer och ze vill (blockéieren Inhalter, di net geblockt solle ginn).

## Et kann een net mat automatesche Filter géint Copyright-Verletzunge virgoen

Den Internet-filter gouf virgeschloen, fir Copyrightverstéiss ze verhënneren. D'Urheberrecht ass awer ze komplex fir eng eenzeg Léisung, di sech wéi d'Aaxt am Bësch ka verhalen.
Zum Beispill: Dacks ass et zoulässeg, geschütztent Material als Zitat oder als Satir ze benotzen. Heiansdo ass et dat awer och net. Meeschtens ass et esou onkloer, ob eppes erlaabt ass oder net, dass de Fall viru Gericht muss entscheet ginn. Dat si keng Entscheedungen, déi een engem automatesche Filter iwwerloosse wéilt.

## Filter sinn ufälleg fir schläichend Funktiounserweiderungen

Ob laang Sicht geet et net em Copyright. Wann et no de Politiker goe géif, géife Filter dofir benotzt ginn, fir Videoen ze blockéieren oder fir ongewollte politesch Meenungen am Keim ze erstécken.

Ee Beispill dofir: Spuenien huet en Internet-filter fir illegal Glécksspillsäiten ze bekämpfen. De selwechte Filter gouf awer och benotzt, fir d'katalanescht Referendum ze verhënneren. Fir et kuerz ze maachen: Wann mir net elo handelen, dann treffen d'Politiker eng Entscheedung, di der Meenungsfräiheet massiv entgéint wierkt.

## Wat kanns du maachen?

Déi kommend Wochen sinn entscheedend! Tweet oder schreif eng E-Mail un deng EU Deputéiert am JURI-Comité. De 26. a 27. Mäerz, entscheet eis Europa-Deputéiert mat iwwert den Internet-Filter. Notz d'Hashtags #CensorshipMaschine an #filterfail fir ze weisen, datt s du géint den Internet-Filter am Artikel 13 bass. Lëtzebuergesch Europa-Deputéiert am JURI-Comité ass:

- **Mady DELVAUX, @mady_delvaux (LSAP / S&D)**.

Mir hunn well e puer Tweets virbereet (Dat soll iech net dovunner ofhalen, selwer kreativ ze ginn):

> .@mady_delvaux Stitt op fir eis Meenungsfräiheet online. Schwätzt iech géint #censorshipmachine am Virschlag vun der #copyright Richtlinn aus!
>
> .@mady_delvaux Stitt fir eis Online-Privatsphär. Schwätzt iech géint #censorshipmachine am Virschlag vun der #copyright Richtlinn aus!
>
> .@mady_delvaux Weist, datt iech Privatsphär a Meenungsfräiheet fir d'Bierger wichteg ass. Schwätzt iech géint den Virschlag vun der #censorshipmachine an der #copyright Richtlinn aus!
>
> .@mady_delvaux Internet-Filter funktionéieren net. Schwätzt iech géint den Virschlag vun der #censorshipmachine an der #copyright Richtlinn aus!

Politiker wëllen ongëeegent Filteren etabléiere fir den Internet kënnen ze kontrolléieren:
**Deng Ënnerstëtzung ass gefuerdert!**

2018/02/26 21:47 · virii
news

Older entries >>

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=news**

Last update: **2015/08/16 01:20**